N°2617
Entrée le 17.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.07.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 466128
18 JUIL. 2025
A traiter par :
Copie à :

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 17 Juli 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

„An eiser Lëtzebuerger Landwirtschaft ginn et mëttlerweil verschidde Rassen u Ranner, déi ënnerschiddlech genotzt kënne ginn.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau follgend Froe stellen:

- Wéi eng Rassen u Ranner ginn et an eiser Landwirtschaft a wéi gi si agesat ?
- Wéi grouss ass de respektive Contingent u Ranner pro Rass ?
- Wéi sinn dës Ranner an eise Bauerebetriber opgedeelt, andeems en Ënnerscheed tëscht haapt- an nieweberuffleche Bauere gemaach gëtt ?
- Wat fir eng Rasse ginn haaptsächlech fir ekologesch Zwecker agesat ?
- Wéi vill Ziichter ginn et hei zu Lëtzebuerg am Beräich vun eiser Véiwirtschaft?
- A wat fir engem Mooss ginn d'Bauere subventionéiert, wa se bestëmmte Rasse fir ekologesch oder aner méi spezifesch Zwecker asetzen ?
- Wéi vill Ranner ginn et duerchschnëttlech an den haaptberuffleche Betriber ?
- Wéi vill Ranner ginn et duerchschnëttlech an den nieweberuffleche Betriber ?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2617 vun den éierewäerten Deputéierten André Bauler a Luc Emering**

**Wéi eng Rassen u Ranner ginn et an eiser Landwirtschaft a wéi gi si agesat ?**

De Landwirtschaftsministère mécht keng statistesch Erhiewunge vun de Rassen, déi op de landwirtschaftleche Betriber gehale ginn. D'europäesch Tierzuchtgesetzgebung definéiert wat eng Rass ass an enthält Bestëmmungen, wéi eng Ranner dem Status vun engem „rengrassegen Zuuchtbéischt" entspriechen a soumat duerfen eng offiziell EU-Tierzuchtbescheinigung ausgestallt kréien. D'Lëscht vun de Rassen, fir déi offiziell unerkannten Zuuchtprogrammer hei zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn, ass ënnert follgendem Link um Portail vun der Agriculture ze fannen:
https://agriculture.public.lu/de/tiere/nutztiere/zucht.html

Et sinn dat aktuell follgend Rassen:

- Fleeschrannerrassen : Angus, Aubrac, Blanc bleu, Blonde d'Aquitaine, Charolais, Galloway, Highland, Limousin, Murray Grey, Waguy, Welsh Black
- Mëllechrannerrassen : Braunvieh, Fleckvieh, Holstein Frisian, Jersey, Montbéliarde, Normande, Salers

(Remark: verschidde Rassen dovunner sinn Zweenotzungsrassen)

**Wéi grouss ass de respektive Contingent u Ranner pro Rass ?**

Am Joer 2024 waren 1.255 Limousin-Kéi am Herdbuch ageschriwwen (61,3 % vun den ageschriwwene Kéi), 285 vun der Rass Angus (13,9 %), 153 vun der Rass Aubrac (7,5 %), gefollegt vun de Rassen Charolais (6,0 %, 122), Blonde d'Aquitaine (3,5 %, 71), Wagyu (2,4 %, 49), Highland (2,3 %, 47) an aner Rasse mat engem klengen Effektiv. Am Ganze waren den 1. Abrëll 2024 2.046 aktiv Fleeschranner am Herdbuch ageschriwwen.

Bei de Mëllechrannerrassen hunn am Joer 2023/2024 488 Betriber un der Mëllechkontroll Deel geholl, mat engem Total vun 51.333 kontrolléierte Mëllechkéi, dovu ware 74,0 % vun der Rass Holstein-Schwarzbunt an 11,8 % vun der Rass Holstein-Rotbunt. (Quell: Déierenzuuchtorganisatioun Convis)

**Wéi sinn dës Ranner an eise Bauerebetriber opgedeelt, andeems en Ënnerscheed tëscht haapt- an nieweberuffleche Bauere gemaach gëtt ?**

Dozou leien dem Landwirtschaftsministère direkt keng Informatioune vir. Heifir wär et noutwendeg fir Date betreffend de Status „haapt- oder nieweberuffleche Bauer" mat den Informatiounen aus den Zuuchtprogrammer ze rekombinéieren. Aus dem Rapport vun der Generalversammlung 2025 vun der Déierenzuuchtorganisatioun Convis geet ervir, dass aktuell 488 Mëllechvéibetriber un der Mëllechkontroll deelhuelen, mat enger duerchschnëttlecher Kouzuel vun 105. Bei de Fleeschranner-Zuuchtprogrammer huelen aktuell 71 Betriber un der Leeschtungskontroll Deel.

**Wat fir eng Rasse ginn haaptsächlech fir ekologesch Zwecker agesat ?**
Vill vun eise Fleeschrannerrassen sinn „All-rounder“: eng ökologesch Beweedung ass esouwuel vun engem Limousin, also eiser Haaptrass hei zu Lëtzebuerg, ze bewierkstellegen, wéi och vu Rassen, déi gängeg als Robustrassen oder extensiv Rasse bezeechent ginn, wéi Aubrac, Galloway, Highland, ...

**Wéi vill Ziichter ginn et hei zu Lëtzebuerg am Beräich vun eiser Véiwirtschaft?**
Am Joer 2024 huet de Service d'économie rurale 1.120 Betriber mat insgesamt 183.165 Ranner gezielt. Dovunner "Ziichter" am Sënn vun der EU-Tierzuchtgesetzgebung sinn dann déi wéi am Joresbericht vu Convis vermierkten 488 Mëllechvéibetriber an 71 Fleeschrannerbetriber.

**Wéi vill Ranner ginn et duerchschnëttlech an den haaptberuffleche Betriber ?**
Am Joer 2024 huet de Service d'économie rurale 883 haaptberufflech Betriber mat insgesamt 177.398 Ranner gezielt. Domat kënnt een op eng Moyenne vu ronn 201 Ranner pro Betrib. All Betrib matt op mannst 1 Rand gouf an dëser Auswäertung berücksichtegt. Als haaptberuffleche Betrib gëllt all Betrib mat engem Gesamtstandard-Output vu méi wéi 75.000 €.

**Wéi vill Ranner ginn et duerchschnëttlech an den nieweberuffleche Betriber ?**
Am Joer 2024 waren dat 237 nieweberufflech Betriber mat insgesamt 5.767 Ranner. Domat kënnt een op eng Moyenne vu ronn 24 Ranner pro Betrib. All Betrib matt op mannst 1 Rand gouf an dëser Auswäertung berücksichtegt. Als nieweberuffleche Betrib gëllt all Betrib mat engem Gesamtstandard-Output vu manner wéi 75.000 €.

Déi follgend Tabell enthält weider Detailer zu de Froe 7 an 8:

| | Unzuel Betriber | Unzuel Ranner | Moyenne Ranner | Mediane Ranner |
|---|---|---|---|---|
| Haaptberufflech | 883 | 177.398 | 201 | 167 |
| Nieweberufflech | 237 | 5.767 | 24 | 17 |

Quell: Erhiewung iwwer d'Struktur vun de landwirtschaftleche Betriber 2024 (SER)

Lëtzebuerg, den 26. August 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau